# ADR reagéiert op d'Kris vun den Energiepräisser

ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

*Pressematdeelung vum 10. November*

Trotz zum gréissten Deel stabille Weltmaartpräisser kennen d'Energiepräisser zu Lëtzebuerg aktuell nëmmen eng Richtung: no uewen! De Präis fir ee Faass Brent Ueleg louch op den Datum vum 10. November Moies bei 84 Dollar, an domat wäit ënnert dem Rekordniveau vum September 2008 mat 145 Dollar. Op den Dag vum 21. Oktober 2008 huet de Präis vum Liter Super 98 1,07 € bedroen, de Präis vum Liter Super 95 1,05 €.

Trotz dëse Präisdivergenzen kascht den Diesel un der Pompel hei am Land aktuell 1,39 € de Liter, de Super 95 1,50 € de Liter an de Super 98 1,59 € de Liter. Beim Gas a beim Brennes presentéiert sech en änlecht Bild. D'ADR warnt säit Méint virun dëser Konsequenz vun der aktueller lëtzebuergescher Energiepolitik, déi dozou féiert, datt all Hausse vum Präis um Weltmarché sech iwwerproportional am Verbraucherpräis néierschléit. Besonnesch an de kale Wanterméint, wou ganz vill Energie gebraucht gëtt fir ze hëtzen, riskéiert eis Gesellschaft hei op eng sozial Explosioun zouzesteieren.

No der Analys vun der ADR hunn notamment follgend nationalpolitesch Feelentscheedungen zu dëser schwiereger Situatioun gefouert:

- Déi héich Besteierung vun de Brennstoffer, déi duerch d'Upassung vun der Zäregassteier d'nächst Joer souguer nach weider klamme soll, obwuel d'Präisser fir e Privatgefier ze tanken sech no Ausso vun der Regierung lo schonn zu gutt 50 Prozent aus Steieren zesummesetzen.
- Déi ideologesch Fokusséierung op ëmwandelbar Energien, déi opgrond vun hirer Volatilitéit eng duebel Versuergungsstruktur duerch de Backup mat Gas néideg maachen an domat d'Demande fir dësen zouverlässege fossille Brennstoff an extrem Héichten dreift.
- D'Kontributioun vun 3,6 Cent pro Kilowatt Stroum fir ëmwandelbar Energien.
- D'Sträichung vun der Nuklearenergie an dem Äerdgas aus der europäescher Taxnonomie, fir déi eis Regierung sech ausdrécklech staark gemaach huet.
- Déi verfeelt Russlandpolitik, déi ëmmer rëm zu seriöe Konflikter mat eisem gréisste Gasliwwerant féiert.

D'ADR fuerdert an deem Zesummenhang:

- Op en neits déi ersatzlos Ofschafung vun der Zäregassteier.
- D'Applikatioun vum reduzéierten TVA's Saz vun 3 Prozent op Mazout fir ze hëtzen an op de Bensinn fir Privatgefierer.
- Eng komplett Berücksichtegung vun den Energiepräisser am Wuerekuerf.
- Eng Avance op d'allocation de vie chère 2022, fir déi Leit, déi am Genoss vun dëser Zoulag sinn.
- E kloert Bekenntnes vun der Regierung zu der däitsch-russescher Pipeline Nordstream 2.
- D'Ëmsetzung vun eisen NATO-Verpflichtunge fir Gas- a Pëtrolsreserve fir op mannst 90 Deeg unzeleeën.

Matgedeelt vun der ADR


| | | |
|---|---|---|
| ADR – Groupe parlementaire | 25, rue Notre-Dame L-2240 Luxembourg | Tel. : (+ 352) 463742 |
| ADR – Parti politique | 25, rue Notre-Dame L-2240 Luxembourg | Tel.: (+352) 2620 3706 |